N°7441
Entrée le 04.01.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.01.2023

Groupe parlementaire

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 8123
05 JAN. 2023
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4. Januar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt d'Präisser fir Düngemëttel den Ament historesch héich sinn. Elo plangt d'EU-Kommissioun nach zousätzlech, datt d'Düngemëttel an dee geplangten CO2-Grenzausgleichsmechanismus mat abezu solle ginn. Bei de Bauereverbänn COPA an de ländleche Genossenschaften (Cogeca) -zu deem och déi Lëtzebuerger Centrale Paysanne gehéiert - ass dëst Virgoen op haart Kritik gestouss.

Deemno géif d'Abezéie vun den Düngemëttel an den CO2-Grenzausgleichsmechanismus dozou féieren, datt d'Präisser fir Düngemëttel nach zousätzlech an d'Luucht ginn. Dëst géif och d'Käschte vun der landwirtschaftlecher Produktioun an Europa weider an d'Luucht dreiwen a gläichzäiteg géif d'Gefor bestoen, datt d'Notze vun importéierte Liewensmëttel méi attraktiv a méi wettbewerbsfäeg kéint ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi stellt sech d'Lëtzebuerger Regierung zu deem Virschlag, d'Düngemëttel an den CO2-Grenzausgleichsmechanismus mat anzebezéien?
2. Fäert d'Regierung deen Abléck net och, datt et zu deenen uewe genannte Konsequenzen och fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft komme kéint?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Madamm Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n°7441 vum 4. Januar 2023 vun dem éierewäerten Députéierten Här Jeff Engelen iwwert "Inclusion des engrais dans le mécanisme d'ajustement carbone aux frontières de l'Union européenne"**

**Wéi stellt sech d'Lëtzebuerger Regierung zu dem Virschlag, d'Düngemëttel an den CO2-Grenzausgleichsmechanismus mat anzebezéien ?**

Den $CO_2$-Grenzausgleichsmechanismus huet als Zil de $CO_2$-Präis vun importéierte Wueren un de Präis vun den $CO_2$-Zertifikater unzegläichen. Et geet drëm géint onfair Konkurrenz virzegoen tëscht engersäits Wueren déi an der EU produzéiert gin a fir déi $CO_2$ Zertifikater mussen virgeluegt ginn, an anerersäits Wueren déi an Drëttlänner produzéiert gin ouni equivalent Reegelen wat de Klimaschutz ubelaangt. Genee wéi bei anere Secteuren déi schonn zënter laangem vum europäeschen Emissiounshandelssystem couvréiert sinn, an déi enger weltwäiter Konkurrenz ausgesat sinn, ass d'Lëtzebuerger Regierung der Meenung datt d'Abezéien vun den Düngemëttel an den $CO_2$-Grenzausgleichsmechanismus berechtegt ass: bei der Hierstellung vun Düngemëttel entstinn grouss Quantitéiten un Emissiounen duerch chemesch Prozesser an et gëtt vill Energie gebraucht. Dowéinst erlaabt dëse System et och eng Transitioun Richtung erneierbar Energien an Drëttlänner unzestoussen.

**Fäert d'Regierung deen Abléck net och, datt et zu deenen uewe genannte Konsequenzen och fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft komme kéint ?**

Den $CO_2$-Grenzausgleichsmechanismus suergt un éischter Stell, um europäesche Marché, fir e faire Wettbewerb tëscht europäeschen a net-europäeschen Düngemëttelhiersteller. Wann den $CO_2$ Grenzausgläichsmechanismus a Kraaft trëtt, wäerten déi éischt Joren, keng Taxen erhuewe ginn, an duerno ginn Taxen och nëmmen graduell agefouert. A court terme, huet den $CO_2$ Grenzausgläichsmechanismus also keng Auswierkungen op de Präis vun den Importer vun Düngemëttel.

Lëtzebuerg, den 7. Februar 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung